

LE KLEESCHEN ARRIVE DE KLEESCHE KËNNT

Deux langues, une nuit magique
Zwou Sproochen, eng magesch Nuecht



Steve Cimolino

FRANÇAIS • LËTZEBUERGESCH

LE KLEESCHEN ARRIVE

DE KLEESCHE KËNNT

Deux langues, une nuit magique

Zwou Sproochen, eng magesch Nuecht



HISTOIRES • CHANSON • JEUX • COLORIAGES

GESCHICHTEN • LIDD • SPILLER • AUSMOLEN

Steve Cimolino

Salut, moi, c'est Boxi !

Moien, ech sinn de Boxi!



Je suis un petit Boxemännchen tout doré et tout rond. J'aime le mois de décembre, les chansons et les histoires du Luxembourg.

Je vais te raconter la tradition du Kleeschen au Luxembourg : ses visites, ses chansons, les friandises et les belles histoires que les familles partagent. Prêt à partir à l'aventure avec moi ?

Ech sinn e kleng Boxemännchen, goldeg, brong a ronn. Ech hunn am Dezember d'Lidder an déi lëtzebuergesch Geschichte gär.

Ech erzielen dir vun den Traditiounen ronderëm de Kleeschen zu Lëtzebuerg: vu senger Visitten, senger Lidder, de Séissegkeeten an de schéine Geschichten, déi d'Famillje mateneen deelen. Kënns du mat op d'Rees?

Bienvenue dans ce livre

Wëllkomm an dësem Buch

Le Kleeschen fait partie des traditions de décembre au Luxembourg. Dans ces pages, tu vas découvrir la fête, apprendre une chanson, lire une ancienne légende et deux aventures, puis jouer avec des mots. Les activités sont pensées pour être faites seul ou avec un adulte.

De Kleeschen gehéiert zu den Dezembertraditiounen vu Lëtzebuerg. Dëst Buch erzielt dir vum Fest: Du kanns eng al Seechen an zwee Abenteuer lesen, d'Lidd vum Kleeschen entdecken a mat Wierder spillen. D'Aktivitéiten kanns du eleng oder mat engem Erwuessene maachen.

Les textes sont proposés en français et en luxembourgeois. Tu peux lire une langue, puis l'autre, ou comparer les mots.

D'Texter sinn op Franséisch a Lëtzebuergesch. Du kanns eng Sprooch lesen an duerno déi aner, oder d'Wierder vergläichen.

Dans le livre

Am Buch

- Découvrir le Kleeschen, ses traditions et son assiette / De Kleeschen, seng Traditiounen a säin Teller entdecken
- Lire une légende traditionnelle et deux aventures originales / Eng traditionell Seechen an Zwee nei Abenteuer lesen
- Découvrir la chanson du Kleeschen et sa traduction française / D'Lidd vum Kleeschen a seng franséisch Iwwersetzung entdecken
- Écrire, dessiner, chercher, colorier et cuisiner / Schreiwen, molen, sichen, ausmolen a baken

À toi de jouer ! / Elo bass du drun!



Pour lire et jouer

Fir ze liesen an ze spillen

Choisis une histoire ou une activité et rejoins Boxi.

Sich dir eng Geschicht oder eng Aktivitéit aus a komm Boxi mat!

La légende des trois enfants.....5

D'Seeche vun den dräi Kanner

Les traditions et les personnages.....7

D'Traditiounen an d'Figuren

Le cortège et les cadeaux.....13

De Cortège an d'Kaddoen

L'histoire de Lina et Tom.....16

D'Geschicht vum Lina an Tom

La chanson en deux langues.....23

D'Lidd an zwou Sproochen

Ma liste et ma lettre.....27

Meng Lëscht a mäi Bréif

Les jeux avec Boxi.....30

D'Spiller mam Boxi

Les cinq coloriages.....37

Déi fënnef Ausmolbiller

La recette des Boxemännercher.....42

D'Rezept vun de Boxemännercher

Le Houséker et les lanternes.....43

Den Houséker an d'Luuchten

Les réponses des jeux.....47

D'Léisunge vun de Spiller

La légende des trois enfants

D'Seeche vun den dräi Kanner



La légende des trois enfants

D'Seeche vun den dräi Kanner

FRANÇAIS

Il y a très longtemps, la ville de Luxembourg était entourée de hauts remparts. Un soir, trois garçons jouaient si longtemps qu'ils arrivèrent trop tard aux portes de la ville. Elles étaient déjà fermées. Les enfants ne pouvaient plus rentrer chez eux.

Un boucher leur proposa de passer la nuit dans sa maison. Mais cet homme cachait un mauvais dessein. Pendant la nuit, il fit du mal aux trois garçons. Au matin, ils n'étaient plus en vie, et le boucher avait caché leurs corps dans un grand baquet.

Peu après, le Kleeschen arriva à la maison. Il comprit ce qui s'était passé et ne se laissa pas tromper par le boucher. Il s'approcha du baquet et se mit à prier.

Alors, un grand miracle se produisit : les trois garçons ouvrirent les yeux, se levèrent et revinrent à la vie. Ils purent retrouver leurs familles, qui les accueillirent dans la joie.

Le boucher comprit la gravité de son geste et regretta le mal qu'il avait fait. Depuis ce jour, on raconte que le Kleeschen protège les enfants et vient leur apporter de la joie. Cette ancienne légende nous parle de son courage, de sa bonté et de l'espoir qui peut renaître.

LËTZEBUERGESCH

Viru ganz laanger Zäit war d'Stad Lëtzebuerg vun héije Maueren ëmginn. Enges Owes waren dräi Bouwe sou laang am Spill verdéift, datt si ze spéit bei d'Stadpaart koumen. D'Paart war schonn zou. Si konnten net méi heemgoen.

E Metzler huet hinnen ugebueden, d'Nuecht bei him ze verbréngen. Mee dee Mann hat e béise Plang. An der Nuecht huet hien den dräi Bouwe Schrecklech geschoen. Mueres ware si net méi um Liewen, an de Metzler hat hire Kierper an e grouss Biddi verstoppt.

Kuerz drop koum de Kleeschen bei d'Haus. Hien huet verstanen, wat geschitt war a sech net vum Metzler täusche gelooss. Hien ass bei de Biddi gaangen an huet gebiet.

Dunn ass e grousst Wonner geschitt: Déi dräi Bouwen hunn d'Aen opgemaach, si sinn opgestanen a sinn erëm lieweg ginn. Si konnten hir Familljen erëmgesinn, déi si voller Freed opgeholl hunn.

De Metzler huet verstanen, wéi schlëmm seng Dot war, an huet seng béis Dot bedauert. Zanterhier gëtt erzielt, datt de Kleeschen d'Kanner beschützt a Freed bei se bréngt. Dës Seechen erzielt vum Kleesche senger Guttheet.

Cette histoire est une légende ancienne, racontée sous différentes formes. / Dës al Seechen gëtt a verschiddene Versiounen erzielt.

Qui est le Kleeschen

Wien de Kleeschen ass

Le Kleeschen est le nom luxembourgeois de saint Nicolas. La fête a lieu le 6 décembre. Les traditions racontent qu'il apporte des friandises et des cadeaux aux enfants.

De Kleeschen ass de lëtzebuergeschen Numm fir den hellegen Niklos. Säi Fesdag ass de 6. Dezember. Der Traditioun no bréngt hien de Kanner Séissegkeeten a Kaddoen.

On le représente souvent avec une barbe blanche, une mitre rouge et une crosse. Il rend visite aux écoles et aux familles dans les jours qui précèdent la fête.

Hie gött dacks mat engem wäisse Baart, enger rouder Mitra an engem Krummstaf duergestallt. An den Deeg virum Fest besicht hie Schoulen a Familljen.

Saint Nicolas est aussi une personne historique ancienne. Les détails de sa vie sont difficiles à vérifier et de nombreuses histoires à son sujet sont des légendes transmises au fil des siècles.

Den hellegen Niklos war och eng historesch Persoun aus laanger Vergaangenheet. Vill Detailer vu sengem Liewe si schwéier ze beweisen; vill Geschichten iwwert hie si Soen, déi iwwer Joerhonnerten erzielt goufen.

Une idée à retenir

Eng Iddi fir ze behalen

Dans les histoires, le Kleeschen rappelle qu'un petit geste généreux peut faire beaucoup de bien.

An de Geschichten erënnert de Kleeschen drun, datt e kleng léiwe Geste vill Freed maache kann.



La fête au Luxembourg

D'Fest zu Lëtzebuerg

Les coutumes ne sont pas exactement les mêmes dans toutes les familles. Voici des habitudes que l'on rencontre souvent au Grand-Duché.

D'Traditiounne sinn net an all Famill genee d'selwecht. Hei sinn déi, déi een am meeschten am Land gesäit.

Quand ? / Wéini?	Ce qui se passe / Wat geschitt?
Fin novembre	À partir de la fin novembre, certains enfants déposent leurs pantoufles et découvrent parfois une petite friandise le matin. Ab dem 1. Dezember stellen d'Kanner d'Schong bei d'Dier an, wa se brav waren, fanne se de nächste Mueren eppes Séisses dran. Déi manner brav Kanner kréien eng Rutt a Plaz.
Avant le 6 décembre <i>Bis zum 6. Dezember</i>	Le Kleeschen visite des écoles et des communes. Les enfants chantent souvent. De Kleesche besicht Schoulen a Gemengen. D'Kanner sangen him dacks Lidder.
Dans la nuit du 5 au 6 décembre	Dans la nuit du 5 au 6 décembre, le Kleeschen apporte les cadeaux. An der Nuecht zum 6. Dezember kënnt de Kleesche Kaddoe bréngen.
Le 6 décembre	Au Luxembourg, cette journée est un jour de congé pour les enfants de l'enseignement fondamental. Zu Lëtzebuerg ass dësen Dag fir d'Kanner aus der Primärschoul fräi.

Et toi, quelle coutume connais-tu ? / A wéi eng Traditiounne kenns du?



L'assiette du Kleeschen

Dem Kleeschen säin Teller

Au Luxembourg, la composition de l'assiette peut varier d'une famille à l'autre. On y retrouve souvent un Boxemännchen, des fruits et quelques douceurs, comme une pomme, une poire, une orange ou des mandarines.

Zu Lëtzebuerg kann den Teller vu Famill zu Famill anescht ausgesinn. Dacks fënnt een e Boxemännchen, Uebst a Séissegkeeten drop, zum Beispill en Apel, eng Bir, eng Orange oder Mandarinnen.



Français

Lëtzebuergesch

1. Boxemännchen — petite brioche en forme de bonhomme

1. E Boxemännchen — e Boxemännchen

2. Une pomme

2. En Apel

3. Une poire

3. Eng Bir

4. Des noisettes

4. Hieselnëss

5. Des bonbons

5. Kamellen

6. Un petit chocolat

6. E klengt Stéck Schokela

7. Des biscuits, parfois

7. Kichelcher, heiansdo

8. Une orange

8. Eng Orange

9. Des mandarines

9. Mandarinnen

Les assiettes varient selon les familles. Si tu as une allergie, demande à un adulte de vérifier les ingrédients, en particulier les noisettes et les autres fruits à coque. / D'Teller si vu Famill zu Famill anescht. Wann s du eng Allergie hues, fro en Erwuessenen, ob s du alles iesse kanns, besonnesch bei den Hieselnëss an aneren Nëss.

Les personnages et les objets

D'Personnagen an d'Géigestänn

- **Le Kleeschen** — Saint Nicolas, personnage au manteau rouge et à la mitre.
De Kleeschen — den hellegen Niklos, mat roudem Mantel a Mitra.
- **Le Houséker** — personnage qui accompagne parfois le Kleeschen dans les coutumes.
Dans ce livre, il aide à préparer les visites et les surprises.

Den Houséker — eng Figur, déi de Kleeschen a verschiddenen Traditiounen begleet. An dësem Buch hëlleft hien, d'Visitten an d'Iwwerraschungen virzebereeden.

- **Les chaussures** — elles attendent près de la porte ou dans la chambre.
D'Schong — si waarden bei der Dier oder an der Schlofkummer.
- **L'âne** — il apparaît dans plusieurs chansons et récits.
Den Iesel — hie kënnt a ville Lidder a Geschichte vir.
- **Le Boxemännchen** — petit bonhomme en brioche que l'on trouve au Luxembourg pendant l'Avent.

De Boxemännchen — e Boxemännchen, deen een zu Lëtzebuerg an der Adventszäit fënnt.

Les familles choisissent leurs propres habitudes. Le plus important est de célébrer avec douceur et de partager un moment ensemble.

All Famill huet hir eege Gewunnechten. Am wichtegsten ass et, d'Fest léif ze feieren an eng flott Zäit zesummen ze verbréngen.



Le Houséker, compagnon du Kleeschen

Den Houséker, dem Kleesche säi Begleeder



Dans certaines traditions luxembourgeoises, le Houséker accompagne le Kleeschen pendant sa tournée. Selon les versions, il rappelle aussi aux enfants l'importance de bien se comporter. Dans notre histoire, il prépare le départ et aide à retrouver le chemin quand le vent emporte la carte. Il a l'air sérieux, mais c'est un allié fidèle : ensemble, ils trouvent une solution.

A verschiddene lëtzebuergeschen Traditiounë begleet den Houséker de Kleeschen op senger Ronn. A verschiddene Versiounen erënnert hien d'Kanner och drun, sech gutt ze verhalen. An eiser Geschicht hëlleft hien, d'Ronn virzebereeden an de Wee erëmfannen, nodeems de Wand d'Kaart fortbléist. Hie gesäit eecht aus, mee hien ass e treie Begleeder: Zesumme fanne si eng Léisung.

La Rutt : la branche du Houséker

D'Rutt: dem Houséker säin Bängel



Une scène imaginaire de notre histoire. / Eng erfonnten Zeen aus eiser Geschicht.

Une Rutt est une petite branche fine et souple, parfois cueillie dans un buisson. Dans certaines traditions luxembourgeoises, le Houséker en apporte aux enfants qui n'ont pas été sages. Dans de vieux récits, il les menaçait de quelques coups de branche ou leur en laissait une. La prison de parade montrée ici est une scène inventée pour notre histoire, pas une règle du cortège. Dans cette page, personne n'est frappé : la Rutt rappelle une ancienne coutume et l'importance de faire de son mieux.

Eng Rutt ass e laange flexibelen dënnen Aascht, deem oft vun engem Strauch kënnt. A verschiddene lëtzebuergeschen Traditiounen bréngt den Houséker eng Rutt deene Kanner, déi net brav waren. An ale Geschichten huet hien hinnen domat gedrot oder eng Rutt doheem gelooss. D'Prisongskutsch op dësem Bild ass fir eis Geschicht erfonnt a keng fest Reegel vum Cortège. Hei gëtt kee Kand geschloen: D'Rutt erënnert un eng al Traditioun an drun, datt jidderee säi Bescht ka maachen.

Le cortège du Kleeschen

De Cortège mam Kleeschen



Une scène imaginée dans la Grand-Rue. / Eng erfonnten Zeen an der Grand-Rue.

FRANÇAIS

En décembre, plusieurs villes et communes du Luxembourg organisent un cortège pour accueillir le Kleeschen. À Luxembourg-Ville, le cortège passe par la Grand-Rue, avec de la musique, des anges et le Houséker; le parcours peut changer selon l'année. Consulte avec un adulte le site ou l'agenda de ta commune quelques jours avant : tu y trouveras la date, l'heure et le trajet.

Certaines communes accueillent ensuite le Kleeschen à la mairie ou dans une salle. Les familles peuvent le rencontrer et parfois recevoir une assiette. Une inscription peut être demandée pour ces rencontres : vérifie les consignes avant de te déplacer. Des magasins et centres commerciaux organisent aussi parfois des visites; consulte leurs annonces. La Saint-Nicolas est également célébrée à Arlon (Arel) et à Thionville (Diddenuewen), selon les coutumes locales.

LËTZEBUERGESCH

Am Dezember organiséieren eng Rei Stied a Gemengen am Land e Cortège mam Kleeschen. An der Stad Lëtzebuerg fiert de Cortège duerch d'Groussgaass, mat Musék, Engelen, mam Houséker an heiansdo engem Iesel; de Parcours kann all Joer anescht sinn. Kuck e puer Deeg virdrun zesumme mat engem Erwuessenen op der Websäit oder am Agenda vun denger Gemeng no : Do steet den Datum, d'Auerzäit an de Wee.

Verschidde Gemengen invitéieren de Kleeschen duerno an d'Gemengenhäus oder an e Sall. Famillje kënnen de Kleesche gesinn an heiansdo eng Tiitche kréien. Fir mat ze maache kann eng Umeldung oder Invitatioun néideg sinn: informéiert Iech virdrun. Och Geschäfte an Akafszentren organiséieren heiansdo Visittë vum Kleeschen; kuckt wat si ugin. Och zu Arel (Arlon) an Diddenuewen (Thionville) gëtt den hellegen Niklos gefeiert, no hire lokale Gewunnechten.

Les cadeaux du Kleeschen

D'Kaddoe vum Kleeschen



Le Kleeschen offre un cadeau à Lina et Tom. / De Kleeschen gëtt dem Lina an dem Tom e Kaddo.

FRANÇAIS

Au Luxembourg, dès la fin novembre, beaucoup d'enfants déposent chaque soir une pantoufle devant la porte de leur chambre. Le Kleeschen peut y glisser une sucrerie ou une petite surprise. Dans la nuit du 5 au 6 décembre, il apporte aussi des cadeaux. Lina et Tom lui écrivent pour raconter ce qui leur ferait plaisir : un livre, un jeu, des crayons... Les enfants du monde entier aiment lui envoyer une lettre pour partager leurs souhaits, joindre un dessin ou simplement dire merci.

LËTZEBUERGESCH

Zu Lëtzebuerg stellen d'Kanner ab dem 1. Dezember dacks all Owend e Schong virun d'Dier vun hirem Zëmmer. De Kleeschen kann eng Séissegkeet oder eng kleng Iwwerraschung dra leeën. An der Nuecht vum 5. op de 6. Dezember bréngt hien och Kaddoen. D'Lina an den Tom schreiwen him, wat si sech wënschen: e Buch, e Spill oder Faarfstëfter. Kanner aus der ganzer Welt schécken him gär e Bréif, fir hir Wësch mat him ze deelen, e Bild dobäizeleeën oder Merci ze soen.

L'adresse du Kleeschen · D'Adress vum Kleeschen

**Kleeschen
1, Spillstrooss
L-3290 Am Himmelsland**

FRANÇAIS

Adresse spéciale de correspondance du Kleeschen, publiée par POST Luxembourg. Au Luxembourg, les lettres peuvent être déposées sans affranchissement dans une boîte jaune POST. Écris lisiblement ton adresse de retour pour recevoir la réponse et sa petite surprise; vérifie chaque année les consignes de POST avec un adulte.

LËTZEBUERGESCH

POST Luxembourg seet, datt Bréiwer zu Lëtzebuerg gratis an eng giel POST-Bréifkëscht kënnen gehäit ginn. Schreif deng Retouradress gutt lieserlech op de Bréif, fir dem Kleeschen seng Äntwert mat enger klenger Iwwerraschung ze kréien. Looss en Erwuessenen déi aktuell Informatiounen nokucken.

Le petit dictionnaire du Kleeschen

D'klengt Kleesche-Wierderbuch

Français	Lëtzebuergesch
le Kleeschen	de Kleeschen
saint Nicolas	den hellegen Niklos
le Houséker	den Houséker
une mitre	eng Mitra
une crosse	e Krummstaf
une chaussure	e Schong
une botte	e Stiwwel
un cadeau	e Kaddo
une surprise	eng Iwwerraschung
un âne	en Iesel
une lanterne	eng Luucht
une clochette	eng kleng Schell
la neige	de Schnéi
une étoile	e Stär
un bonhomme en brioche	e Boxemännchen
partager	deelen
chanter	sangen
colorier	ausmolen

La lanterne qui faisait ding ding

D'Luucht, déi ding ding gemaach huet

Une histoire originale / Eng nei Geschicht

La première neige tombait sur les toits d'Ettelbruck. Lina et son petit frère Tom avaient préparé leurs bottes. Ils avaient aussi posé une carotte pour l'âne et une petite clochette sur la poignée de la porte.

Den éischte Schnéi ass op den Diecher vun Ettelbréck gefall. D'Lina an säi klenge Brudder Tom hatten hir Stiwweelen erausgestallt. Fir den Iesel hatten si eng Muert bereet geluecht an eng kleng Schell un der Dier befestegt.

« Est-ce que le Kleeschen sait que nous sommes prêts ? » demanda Tom. « La clochette lui dira bonsoir », répondit Lina.

„Weess de Kleesche, datt mir prett sinn?“, huet den Tom gefrot. „D'Schell seet him gudden Owend“, sot d'Lina.

Au même moment, dans la forêt, le Houséker vérifiait la lanterne du traîneau. La flamme ne voulait pas rester allumée. « Nous ne verrons pas le chemin dans la neige », soupira-t-il.

Zur selwechter Zäit huet den Houséker am Bësch d'Luucht um Schlitt kontrolléiert. D'Flam wollt net brennen. „Mir wäerten de Wee am Schnéi net gesinn“, sot hien.

Le Kleeschen s'approcha. « La lumière a besoin d'un peu d'air et d'une mèche sèche », expliqua-t-il. Ensemble, ils protégèrent la lanterne du vent et remplacèrent la mèche humide. La flamme se ralluma.

De Kleesche koum kucken. „D'Luucht brauch eng dréche Käerz“, huet hien erkläert. Zesummen hu si d'Luucht virum Wand geschützt an de naasse Wéck ersat. D'Flam ass nees ugaangen.



Avant la visite du Kleeschen

Virum Besuch vum Kleeschen



Maman lit l'histoire du Kleeschen à Lina et Tom avant sa visite. / D'Mamm liest dem Lina an dem Tom d'Geschicht vum Kleeschen vir, ier hien op Besuch kënnt.

La visite dans la nuit

De Besuch an der Nuecht

Le traîneau repartit. Dans les rues, les fenêtres brillaient comme de petites étoiles. L'âne avançait doucement, sans faire tomber les paquets.

De Schlitt ass nees lassgefuer. An de Stroossen hunn d'Fënstere wéi kleng Stäre geblénkt. Den Iesel ass lues getrëppelt fir d'Päck net vum Schlitt falen ze loossen.

Devant la maison de Lina et Tom, la clochette tinta : ding, ding ! Le Houséker frappa doucement à la porte. Lina et Tom dormaient déjà.

Virun dem Lina an dem Tom hierem Haus huet d'Schell geklengen: ding, ding! Den Houséker huet lues un d'Dier geklappt. D'Lina an den Tom hunn du scho fest geschlof.

Le Kleeschen déposa une petite surprise dans chaque botte. Puis il laissa un mot : « Merci pour la carotte. Nous avons partagé votre lumière avec les voisins qui avaient perdu leur chemin. »

De Kleesche huet eng kleng Iwwerraschung an all Stiwwel geluecht. Duerno huet hien e Bréif do gelooss: „Merci fir d'Muert. Mir hunn är Luucht mat den Nopere gedeelt, déi hire Wee verluer haten.“

Le matin, Lina lut le mot à voix haute. Tom sourit. « Alors, notre petite clochette a aidé tout le monde ! » Ce jour-là, ils dessinèrent une lanterne pour remercier le Kleeschen et le Houséker.

Moies huet d'Lina de Bréif haart virgelies. Den Tom huet gelaacht. „Da huet eis kleng Schell jidderengem gehollef!“ Deen Dag hu si eng Luucht gemoolt, fir dem Kleeschen an dem Houséker Merci ze soen.



Un chemin de lumière

E Liichtwee



Lina et Tom traversent une ville luxembourgeoise sous la neige. / D'Lina an den Tom ginn duerch eng verschneit lëtzebuergesch Stad.

L'illustration de l'histoire

Eng Illustratioun zur Geschicht

Lina, Tom, le Kleeschen, le Houséker et l'âne partagent la lumière. / D'Lina, den Tom, de Kleeschen, den Houséker an den Iesel deelen d'Luucht.



La visite au trône du Kleeschen

De Besuch um Troun vum Kleeschen



Lina salue le Kleeschen, tandis que Tom et deux anges découvrent les cadeaux. / D'Lina begréisst de Kleeschen; den Tom an zwee Engele kucke sech d'Kaddoe un.

As-tu bien lu

Hues du gutt gelies?

Réponds aux questions. Tu peux relire l'histoire ou demander de l'aide.

Beäntwer d'Froen. Du kanns d'Geschicht nach eng Kéier liesen oder ëm Hëllef froen.

Qui a préparé les bottes ?

Wien huet d'Stiwwelen erausgestallt?

Pourquoi la lanterne ne fonctionnait-elle pas ?

Firwat huet d'Luucht net gebrannt?

Quel petit cadeau a été laissé pour l'âne ?

Wat fir e klenge Kaddo war fir den Iesel bereet?

Comment la clochette a-t-elle aidé les voisins ?

Wéi huet d'Schell den Nopere gehollef?

Quel geste gentil pourrais-tu faire cette semaine ?

Wat fir eng léif Saach kéins du dës Woch maachen?

Léiwe Kleeschen gudde Kleeschen

La chanson du Kleeschen · D'Lidd vum Kleeschen

FRANÇAIS

Cher Kleeschen, bon Kleeschen,
Apporte-nous toutes sortes de choses,
À regarder, à goûter,
De ton beau pays du ciel.
Près de la porte, nos assiettes
Sont rangées côte à côte.
Il y a aussi du foin pour ton âne,
Alors apporte-nous des jouets.

Cher Kleeschen, bon Kleeschen,
Apporte-nous des choses de toute sorte :
Une petite poupée et un berceau pour moi,
Et une nouvelle ardoise pour notre Charly!
Puis quelque chose pour ma petite bouche,
Cela me fait tant plaisir :
Un petit paquet de chocolat,
Glisse-le-moi discrètement, Kleeschen.

Cher Kleeschen, bon Kleeschen,
Apporte-nous de belles et bonnes choses,
Un cheval et une cravache pour moi,
Comme ceux que vous avez au ciel!
Un petit sachet de bonbons,
Des pommes, des poires, des noisettes,
Mais veille aussi, bon Kleeschen,
À ne pas oublier maman.

Cher Kleeschen, bon Kleeschen,
Écoute aussi ce que te dit maman :
Rends heureux mes enfants chéris,
C'est pour moi la plus grande joie.
Laisse-les encore longtemps
être des enfants,
C'est le temps le plus beau
et le plus heureux,
Car le souvenir de ces instants
Brille comme de l'or tout au long de la vie.

LËTZEBUERGESCH

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng eis Saachen, allerhand,
fir ze kucken, fir ze schmaachen,
aus dem schéinen Himmelsland.
Bei der Dier do stinn eis Telleren
beieneen an enger Rei.
'T läit och Hee do fir däin Iesel,
dofir bréng ons Spillgezei.

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerlee,
mir eng Pëppchen, an eng Wéichen,
onsem Charly eng nei Lee!
Dann nach eppes fir de Mëndchen,
domat sinn ech extra frou,
sou e klenge Schocklasbëndchen,
gëff mir Kleeschen heemlech zou.

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saache schéin a gutt,
bréng e Päerd mir an eng Gäissel,
wéi dir där am Himmel hutt!
Mat Kamellen eng kleng Tiitchen,
Äppel, Bieren, Hieselnëss,
awer maach och, gudde Kleeschen,
datt s de d'Mamma net vergëss.

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
lauschter och wat d'Mamm dir seet,
maach mir frou meng häerzeg Kanner,
't ass fir mech déi gréisste Freed.
Laang nach looss se Kanner bleiwen,
't ass déi schéinst, déi glécklechste Zäit,
well d'Erënnerung un déi Stonne
grad wéi Gold um Liewe läit.

Écoute la chanson avec Boxi

Lauschter d'Lidd mam Boxi

Écoute les quatre strophes avec un adulte. Coche les trois mots que tu entends.

Lauschter mat engem Erwuessenen déi véier Strophen. Kräiz déi dräi Wierder un, déi s du héiers.

Écoute et observe

Lauschter a kuck



☐ Kleeschen



☐ Iesel



☐ Spillgezei



☐ Stiwwel

Dessine une chose que tu aimerais recevoir. / Mol eng Saach, déi s du gär kréie géifs.

Chantons tous ensemble

Loosst eis zesumme sangen



Les enfants chantent avec le Kleeschen, l'âne et le Houséker. / D'Kanner sange mam Kleeschen, mam Iesel a mam Houséker.

Le rythme des grelots

De Rhythmus vun de Schellen

Avec Boxi, lis les images de gauche à droite. Une clochette : frappe une fois.
Une botte : fais une pause.

Lies mam Boxi d'Biller vu lénks no riets. Eng Schell: klapp ee Mol. E Stiwwel: maach eng Paus.

DING = une frappe

DING = eemol klappen

La botte = une pause

De Stiwwel = eng Paus



1



2



3



Invente ton rythme avec des clochettes et des bottes. / Denk dir däi Rhythmus mat Schellen a Stiwwelen aus.

Ma liste pour le Kleeschen

Meng Wonschlëscht fir de Kleeschen

Écris ou dessine trois choses qui te feraient plaisir. Tu peux choisir un cadeau à partager ou quelque chose à faire ensemble.

Schreif oder mol dräi Saachen, déi dech freeë géifen. Du kanns e Kaddo auswielen, deens du deele kanns, oder eppes, wat dir zesumme maache kënnt.

Mon prénom / Mäin Virnumm : _____

1. _____

2. _____

3. _____

Une chose que j'aimerais offrir ou partager / Eppes, dat ech gär schenke oder deele géif:

Une lettre au Kleeschen

E Bréif un de Kleeschen

Tu peux écrire une petite lettre. Raconte un moment gentil de ton année, puis ajoute tes souhaits.

Du kanns e klenge Bréif schreiwen. Erziel vun engem flotten Ament aus dësem Joer a schreif duerno deng Wësch op.

Cher Kleeschen, / Léiwe Kleeschen,

Merci pour... / Merci fir...

Je te souhaite une belle tournée ! / Ech wënschen dir eng flott Tournée!

Signature / Ënnerschrëft : _____

Préparons la soirée

Mir bereeden den Owend vir

Coche les choses que tu as faites. Tu peux adapter cette liste aux habitudes de ta famille.

Kräiz un, wat s du gemaach hues. Du kanns d'Lëscht un d'Traditioune vun denger Famill upassen.

☐ **J'ai choisi mes chaussures.**

Ech hu meng Schong erausgesicht.

☐ **J'ai écrit ou dessiné ma lettre.**

Ech hu mäi Bréif geschriwwen oder gemoolt.

☐ **J'ai préparé un petit mot de bienvenue.**

Ech hunn e kleng Begréissungsbréif preparéiert.

☐ **J'ai rangé le passage près de la porte.**


Ech hunn de Wee bei der Dier fräi gemaach.

☐ **J'ai choisi une chanson à chanter.**

Ech hunn e Lidd erausgesicht, dat ech gär sange géif.

Dessine tes chaussures

Mol deng Schong




Boxi retrouve l'âne du Kleeschen

De Boxi fënnt dem Kleeschen säin Iesel

L'âne s'est perdu! Trace le chemin de Boxi jusqu'à lui sans traverser les murs.

Den Iesel huet sech verlaf! Mol dem Boxi säi Wee bis bei den Iesel, ouni duerch d'Mauern ze goen.



Les mots cachés de Boxi

Dem Boxi seng verstoppte Wierder

Entoure les mots de gauche à droite ou de haut en bas.

Dans la grille, É = E et Ä = A.

Krees d'Wierder vu lénks no riets oder vun uewen no ënnen an. Am Gitter gëtt É zu E an Ä zu A.

**KLEESCHEN · HOUSEKER · STIWWEL · KADDO · IESEL · SCHELL
TELLER · SCHNÉI · STÄR · LUUCHT · DEELEN**

Observe chaque ligne

Kuck all Rei gutt un



L	N	S	T	A	R	I	S	V	S	V	N
S	R	L	T	A	N	U	I	U	T	V	N
S	C	H	E	L	L	I	V	S	I	T	A
V	U	S	L	V	U	V	E	A	W	T	D
K	L	E	E	S	C	H	E	N	W	E	E
A	I	E	V	A	A	O	O	A	E	L	E
D	R	R	O	O	U	L	T	A	L	L	L
D	S	C	H	N	E	I	S	V	U	E	E
O	H	O	U	S	E	K	E	R	U	R	N
E	R	T	I	E	S	E	L	T	C	V	I
E	O	U	R	R	N	U	R	R	H	A	U
A	N	O	E	A	U	E	N	O	T	N	S

Relie les images et les mots

Verbann d'Biller mat de Wierder

Relie chaque image et son nom français au bon mot luxembourgeois.

Verbann all Bild a säi franséicht Wuert mam richtege lëtzebuergesche Wuert.

FRANÇAIS

LËTZEBUGESCH



un cadeau



☐ en lesel



une botte



☐ de Kleeschen



un âne



☐ e Stär



une clochette



☐ e Kaddo



une étoile



☐ eng Schell



le Kleeschen



☐ e Stiwwel

Cartes mémoire à découper

Memory-Kaarten zum Ausschneiden

Découpe les cartes, mélange-les et pose-les face cachée. Retourne deux cartes : si elles vont ensemble, garde la paire.

Schneit d’Kaarten aus a vermësch se. Lee se mat der Schrëftsäit no ënnen. Dréi zwou Kaarten ëm: passen se zesummen, däerfs du d’Koppel behalen.

			
en Iesel	e Stär	e Stiwwel	SCHELL
			
KADDO	STÄR	e Kaddo	IESEL
			
eng Schell	KLEESCHEN	de Kleeschen	STIWWEL

Cherche et trouve dans le village

Sich a fann am Duerf

Trouve et entoure 6 étoiles dorées, 3 clochettes, 2 bottes rouges et 1 âne.

Fann a krees 6 gëlle Stären, 3 Schellen, 2 rout Stiwwelen an 1 Iesel an.



Quel objet préfères-tu? / Wat fir e Géigestand hues du am léifsten?

Les suites d'images de Boxi

Dem Boxi seng Bildreien

Observe ce qui se répète. Dessine l'image manquante dans chaque case avec un point d'interrogation.

Kuck, wat sech widderhëlt. Mol dat feelent Bild an all Feld mat engem Froenzeichen.

Quel dessin vient ensuite

Wat fir e Bild kënnt duerno



1



?

2



?

3



?

Le petit sudoku des cadeaux

De klenge Kaddo-Sudoku

Dessine les objets manquants. Chaque ligne, chaque colonne et chaque carré de 4 cases doit contenir une étoile, un cadeau, une clochette et une botte.

Mol déi feelend Géigestänn. An all Rei, all Kolonn an all Quadrat mat 4 Felder däerf all Géigestand nëmmen eemol virkommen.



Coloriage de la nuit du 5 décembre

D'Nuecht vum 6. Dezember zum Ausmolen

Colorie les bottes, les étoiles et la petite lanterne. / Mol d'Stiwwelen, d'Stären an déi kleng Luucht aus.



Coloriage du Kleeschen et de ses amis

De Kleeschen a seng Frënn zum Ausmolen

Choisis les couleurs du manteau et des cadeaux. / Wiel d'Faarwe vum Mantel an de Kaddoen aus.



Boxi et l'âne du Kleeschen

De Boxi an dem Kleeschen sâin lesel

Colorie Boxi, l'âne et les petites maisons.

Mol de Boxi, den lesel an déi kleng Haiser aus.




Le cortège à colorier

De Cortège zum Ausmolen

Choisis les couleurs du char, des cadeaux et des manteaux.

Wiel d'Faarwe vum Won, de Kaddoen an de Mäntel.



L'assiette à colorier

Den Teller zum Ausmolen

Colorie les fruits et les douceurs. N'oublie pas l'orange et les mandarines!

Mol d'Uebst an d'Séissegkeeten aus. Vergiess d'Orange an d'Mandarinnen net!



Cuisinons des Boxemännercher

Mir bake Boxemännercher



Une brioche dorée à partager pendant l'Avent.

Eng gëlle Brioche fir an der Adventszäit zesummen ze deelen.

Préparation : 25 min • Levée : environ 1 h 20

Préparation au four : 15 à 18 min • Pour 8 personnages

Zubereedung: 25 Min. • Zäit fir ze goen: ongeféier 1 St. 20 Min.

Am Uewen: 15 bis 18 Min. • Fir 8 Boxemännercher

Les ingrédients / D'Zutaten

Français

- 500 g de farine
- 20 g de levure fraîche (ou 7 g sèche)
- 250 ml de lait tiède
- 60 g de sucre
- 80 g de beurre mou
- 2 œufs (un pour la pâte, un pour dorer)
- 1 pincée de sel
- Raisins secs pour décorer (facultatif)

Lëtzebuergesch

- 500 g Miel
- 20 g frësch Hief (oder 7 g dréchen)
- 250 ml lauwaarm Mëllech
- 60 g Zocker
- 80 g mëlle Botter
- 2 Eeër (een fir den Deeg, een zum Besträichen)
- 1 Prise Salz
- Roséngen als Dekoratioun (wann s du wëlls)

Les étapes / Arbeschtsschrëtt

En français

1. Délaye la levure et le sucre dans le lait tiède. Attends 5 minutes.
2. Dans un grand saladier, mélange la farine et le sel. Ajoute 1 œuf et le lait, puis mélange.
3. Ajoute le beurre mou et pétris 8 à 10 minutes. Couvre et laisse lever 1 heure.
4. Partage la pâte en 8 morceaux. Avec un adulte, forme les bonshommes et décore-les avec des raisins. Laisse lever 20 minutes.
5. Un adulte badigeonne avec le second œuf. Fais cuire à 180 °C pendant 15 à 18 minutes, jusqu'à ce qu'ils soient dorés.

Op Lëtzebuergesch

1. Léis d'Hief an den Zocker an der lauwarmer Mëllech op. Waart 5 Minutten.
2. Mësch d'Miel an d'Salz an enger grousser Schossel. Géff 1 Ee an d'Mëllech derbäi a réier alles.
3. Géff de mëlle Botter derbäi a kniet den Deeg 8 bis 10 Minutten. Deckt en zou a loosst en 1 Stonn goen.
4. Deelt den Deeg an 8 Stécker. Formt mat engem Erwuessene kleng Männecher, dekoréiert se mat Rosinen a loosst se nach 20 Minutten goen.
5. En Erwuessene besträicht se mam zweeten Ee. Bak se bei 180 °C 15 bis 18 Minutten, bis se gëllebrong sinn.

Le four et la plaque brûlante doivent être utilisés par un adulte. / Den Uewen an déi waarm Kachplack däerf nëmmen en Erwuessene benotzen.

La grande tournée du Houséker

Dem Houséker seng grouss Ronn

Une histoire originale / Eng nei Geschicht

Le Houséker aimait que tout soit prêt à l'heure. Il avait dessiné une carte pour la tournée du Kleeschen et coché chaque maison visitée. Mais cette année, un vent très fort fit s'envoler la carte.

Den Houséker wollt ëmmer, datt alles pünktlech prett soll sinn. Hien hat eng Kaart fir dem Kleesche seng Ronn gezeechent an all besichtent Haus ugezeechent. Mee dëst Joer huet e staarke Wand d'Kaart fortgeblosen.

« Sans la carte, comment allons-nous retrouver les maisons ? » demanda-t-il. Le Kleeschen regarda la neige. Des traces de bottes, de petites lumières et des décorations montraient le chemin.

„Wéi fanne mir ouni Kaart d'Haiser nees?“, huet hie gefrot. De Kleesche huet op de Schnéi gekuckt an Spuerë vu Stiwwelen gesinn. Kleng Luuchten an Dekoratiounen hunn de Wee gewisen.

Au coin d'une rue, ils rencontrèrent Maya, qui rentrait de chez sa grand-mère. Elle connaissait le village par cœur. « Je peux vous aider ! La maison aux étoiles est au bout de cette rue. Ensuite, suivez les lanternes. »

Um Eck vun enger Strooss hu si d'Maya getraff, dat vu sénger Bomi rëmkoum an um Wee heem war. Hatt huet d'Duerf gutt kannt. „Ech kann iech hëllefen! D'Haus mat de Stären ass um Enn vun dëser Strooss. Duerno gitt dir de Luuchten no.“

Le Houséker remercia Maya et lui donna la carte retrouvée sous un banc. Elle n'était plus nécessaire : les voisins avaient tracé ensemble un chemin lumineux jusqu'à la place du village.

Den Houséker huet dem Maya Merci gesot an him d'Kaart ginn, déi ënner enger Bänk louch. Si war net méi néideg: d'Noperen haten zesummen e beliichte Wee bis op d'Duerfplaz gemaach.



Une tournée en équipe

Eng Ronn als Ekip

Sur la place, les enfants attendaient en chantant. Le Kleeschen distribua les sachets ; le Houséker aida l'âne à porter les paniers. Tout le monde avait contribué : certains avaient accroché des étoiles, d'autres avaient allumé des lanternes.

Op der Plaz hunn d'Kanner gewaart a gesongen. De Kleesche huet d'Titercher verdeelt; den Houséker huet dem Iesel gehollef, d'Kierf ze droen. Jidderee hat matgehollef: e puer hate Stäre opgehaangen, anerer hate Luuchten ugemaach.

« Une bonne tournée se fait mieux quand on s'entraide », dit le Houséker. Il accrocha la carte au mur de la salle, puis ajouta un nouveau signe : une petite étoile pour chaque personne qui avait aidé.

„Eng flott Ronn klappt am beschten, wa mir eis géigesäiteg hëllef“, sot den Houséker. Hien huet d’Kaart an der Stuff opgehaangen an en neit Zeechen derbäigesat: e kleng Stär fir jiddereen, dee gehollef hat.

Depuis ce soir-là, le village dessine chaque année une carte pleine d'étoiles. Et le Houséker garde toujours un crayon de secours dans sa poche.

Zënter deem Owend zeechent d’Duerf all Joer eng Kaart voller Stären. An den Houséker huet ëmmer e Bläistëft als Ersatz an der Täsch.

La tournée en quelques mots

D'Ronn a puer Wieder

Réponds et imagine ta propre solution.

Beäntwer d'Froen a denk dir deng eege Léisung aus.

Qu'est-ce que le vent a emporté ?

Wat huet de Wind fortgeblosen?

Qui aide le Kleeschen et le Houséker ?

Wien hëlleft dem Kleeschen an dem Houséker?

Quelles lumières montrent le chemin ?

Wéi eng Luuchte weisen de Wee?

Dessine un symbole qui pourrait aider à retrouver ta maison.

Mol e Symbol, dat hëllef geif, däin Haus ze fannen.

Fabrique une carte de bienvenue

Bastel eng Begréissungskaart

Dessine une carte pour souhaiter la bienvenue au Kleeschen. Ajoute une phrase en français et une phrase en luxembourgeois.

Mol eng Kaart, fir de Kleeschen wëllkomm ze heeschen. Schreife Saz op Franséisch an ee Saz op Lëtzebuergesch.



Ma phrase en français : / Mäi Saz op Franséisch :


Mäi Saz op Lëtzebuergesch :

Les chemins et les mots retrouvés

D'Weeër an d'Wierder erëmfonnt

Tu peux comparer tes réponses avec celles-ci après avoir joué.

Nom Spillen kanns du deng Äntwerte mat dëse Léisunge vergläichen.



Les histoires en quelques réponses / D'Geschichten a puer Äntwerten

Lina et Tom ont préparé les bottes. La mèche de la lanterne était humide. Les enfants avaient posé une carotte pour l'âne. Le Kleeschen a partagé la lumière avec les voisins qui avaient perdu leur chemin.

D'Lina an den Tom hatten d'Stiwwelen erausgestallt. De Wéck vun der Luucht war naass. Fir den Iesel war eng Muert do. De Kleeschen huet d'Luucht mat den Nopere gedeelt, déi hire Wee verluer hatten.

Dans la deuxième histoire, le vent a emporté la carte. Maya aide le Kleeschen et le Houséker. Les lanternes montrent le chemin.

An der zweeter Geschicht huet de Wand d'Kaart fortgeblosen. D'Maya hëlleft dem Kleeschen an dem Houséker. D'Luuchte weisen de Wee.

Les réponses des jeux de Boxi

D'Äntwerte vun de Boxi-Spiller

Écoute de la chanson / D'Lidd lauschteren

Kleeschen, Iesel et Spillgezei sont dans les paroles. Stiwwel n'y apparaît pas.

Kleeschen, Iesel a Spillgezei sinn am Text. Stiwwel kënnt net dra vir.

Rythme des grelots / De Rhythmus vun de Schellen

On frappe 2 fois, puis 3 fois, puis 2 fois.

Mir klappen 2-mol, dann 3-mol, dann 2-mol.

Images et mots / Biller a Wierder

Cadeau = Kaddo; botte = Stiwwel; âne = Iesel; clochette = Schell; étoile = Stär; Kleeschen = Kleeschen.

Vu lénks uewen no ënnen: 4, 6, 1, 5, 3, 2 an der rietser Kolonn.

Cherche et trouve / Sich a fann

6 étoiles, 3 clochettes, 2 bottes et 1 âne.

6 Stär, 3 Schellen, 2 Stiwwelen an 1 Iesel.

Suites d'images / Bildreien

1 : étoile. 2 : botte. 3 : cadeau.

1: Stär. 2: Stiwwel. 3: Kaddo.

Le sudoku complété / De fäerdege Sudoku



Sources et crédits

Quellen a Credits

Le Kleeschen arrive · De Kleesche kënnt

Texte et conception / Texter an Opmaachung
Steve Cimolino

Illustrations / Illustratiounen

Illustrations créées avec l'assistance d'une intelligence artificielle.

Illustratiounen, déi mat Hëllef vun enger kënschtlecher Intelligenz gemaach goufen.

La chanson / D'Lidd

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen — paroles de Willy Goergen (1867–1942).

La traduction française des quatre strophes a été réalisée pour ce livre.

Sources pour les traditions / Quelle fir d'Traditiounen

Luxembourg.public.lu — Kleeschen, Niklosdag et Boxemännchen.

Commune de Tandel — Eist Blietchen, décembre 2024, p. 37 : paroles de la chanson.

Centre national de littérature — Dictionnaire des auteurs luxembourgeois, Willy Goergen.

Luxembourg City Tourist Office — Kleeschen on Tour.

Villes d'Arlon et de Thionville; communes luxembourgeoises — cortèges et visites.

POST Luxembourg — courrier et secrétariat du Kleeschen.

ISBN 978-99987-432-0-5

Livre enregistré auprès de la Bibliothèque nationale du Luxembourg.

Buch bei der Bibliothèque nationale du Luxembourg registréiert.

© 2026 Steve Cimolino

Boxi te dit au revoir

De Boxi seet dir Äddi

Merci de m'avoir accompagné! Nous avons découvert la tradition du Kleeschen, lu, chanté et joué ensemble.

Merci, datt s du mech begleet hues! Mir hunn d'Traditioun vum Kleesche kennegeléiert, zesumme gelies, gesongen a gespillt.



À bientôt pour une nouvelle aventure!

Bis geschwënn fir eng nei Aventure!

Joyeuse Saint-Nicolas · Schéinen Niklosdag

UN LIVRE BILINGUE POUR LA NUIT DU 5 DÉCEMBRE

Deux langues, une nuit magique

Zwou Sproochen, eng magesch Nuecht

FRANÇAIS

Dans un village du Luxembourg, Lina et Tom préparent leurs bottes pour la visite du Kleeschen. Une lanterne s'éteint dans la neige : avec l'aide de l'âne et du Houséker, une aventure pleine de gentillesse commence.

Deux histoires originales invitent les enfants à découvrir les traditions de la Saint-Nicolas au Luxembourg, en français et en luxembourgeois.

Chanson traditionnelle avec traduction française, cinq coloriages, labyrinthe de Boxi, mots cachés, sudoku, jeux et recette de Boxemännercher : à lire, chanter et jouer ensemble.

LËTZEBUERGESCH

An engem Duerf zu Lëtzebuerg preparéieren d'Lina an den Tom hir Stiwwele op de Besuch vum Kleeschen. Am Schnéi geet eng Luucht aus: mam Iesel an dem Houséker fänkt eng léif Aventure un.

Zwou nei Geschichten hëllef den Kanner, d'Traditiounen ronderëm den Niklosdag zu Lëtzebuerg op Franséisch a Lëtzebuergesch kennenzéieren.

D'Lidd an zwou Sproochen, fënnef Ausmolbiller, e Labyrinth mam Boxi, Wuertsich, e Kaddo-Sudoku, Spiller an e Boxemännercher-Rezept: entdecken a Freed hunn.

AUSSI À L'INTÉRIEUR / AM BUCH

- Deux histoires originales
Zwou nei Geschichten
- Chanson et traditions
Lidd an Traditiounen
- Labyrinthe et mots cachés
Labyrinth a Wuertsich
- Coloriages et recette
Ausmolbiller a Rezept

À lire, chanter et jouer ensemble. • Fir zesummen ze liesen, ze sangen a spillen.

Steve Cimolino



ISBN 978-99987-432-0-5

